



Gemeng **Fiels**

## Information un d'Ëffentlechkeet – Komplementarwale fir de Gemengerot den 7. Juni 2026

Mir wëllen d'Bevëlkerung doriwwer informéieren, datt den 7. Juni 2026 Komplementarwale fir de Gemengerot organiséiert ginn.

Dës Wale sinn néideg, well Madamm Liz Heintz an eng aner Gemeng geplënnert ass, wat de Verloscht vun hirem Mandat als Gemengeréitin mat sech bréngt.

Ausserdeem huet d'Madamm Natalie Silva op hiert Mandat als Gemengeréitin vun der Gemeng Fiels misse verzichten, well si zënter dem 1. Mäerz 2026 eng nei Funktioun am Inneministère ugeholl huet, déi zu enger Incompatibilitéit féiert no de bestëmmungen vum Gemeindegesetz (loi communale modifiée du 13 décembre 1988).

Laut de gültege gesetzleche Bestëmmunge maachen dës fräi Mandater am Gemengerot d'Organisatioun vun Komplementarwale néideg, fir déi fräi Plazen nees ze besetzen.

D'praktesch Modalitéiten zur Organisatioun vun dëse Wale ginn der Bevëlkerung zu gegebener Zäit matgedeelt. De Schäfferot seet de Dammen Heintz a Silva Merci fir hiren Engagement an hir Aarbecht am Déngscht vun der Gemeng.

De Schäfferot

Mirko Martellini, Luc Jemming & Ana Teresa Marques Lima